CSV

BETZDER




# MÉI NO.
# MÉI BETZDER.

Walprogramm 2023

**#BETZ4FUTURE**

- Wahlprogramm
- Programme électoral
- Election Programme
- Programa Eleitoral

# EISE PROGRAMM FIR BETZDER
# #BETZ4FUTURE

Dëse Walprogramm beschreift d'Entwécklung vun eiser Gemeng fir d'Zukunft. Et ass e Programm, ***#BETZ4FUTURE***, mat deem d'Weiche wäit iwwer 2029 gestallt ginn.
E weist de Wee, deen eis Gemeng aschloe soll. D'Biergerinnen an d'Bierger stinn ëmmer am Mëttelpunkt vun där Entwécklung. All Projeten sollen oppen an transparent erstallt an duerno konsequent an effizient ëmgesat ginn.

***#MÉINOMÉIBETZDER***
***#CSVBETZDER***
***#LËSCHT4***
***#BETZ4FUTURE***



Marc
RIES



# #BETZ4LIFE

## ENG LIEWEG GEMENG FIR JIDDEREEN




## KANNERBETREIUNG

Mam Bau vun der ***neier nohalteger Crèche*** zu Rued-Sir, garantéiere mir och an Zukunft ***alle Kanner eng Betreiungsplaz***.

Zesumme mat den Elteren a Responsabelen schaffe mir weider un der Moderniséierung vun den Infrastrukture fir d'Kanner. Mir wëllen déi bestoend Betreiungsofferen ausbauen a weider mat zousätzlechem Personal ënnerstëtzen.

Mam Projet "Esou schmaacht Lëtzebuerg" an "Natur genéissen" garantéiere mir eng ***equilibréiert, qualitativ a gesond Ernärung*** an der Maison Relais.

Mir wëllen d'App "Hoplr" méi geziilt benotzen, fir Hëllef ze fannen, wéi z.B. Babysitting, Hausaufgabenhëllef oder krank Kanner versuergen.

## SCHOUL

Mir wëllen eng kannergerecht an zukunftsorientéiert Schoul fir eng qualitativ héichwäerteg Bildung ze offréiren.

Mir setzen eis weider an fir eng ***qualifizéiert Ënnerstëtzung*** an zousätzlech ***Fërderung ausserhalb vum Schoulprogramm***, wéi z.B. Hausaufgabenhëllef.

Ons Kanner an d'Léierpersonal sollen sech an onser Schoul wuel fillen. Munchmol ass dëst awer net de Fall, wann Konflikter vun doheem oder soss am Schoulunterrecht ausgedroe ginn. D'Léierpersonal steet firu groussen Erausfuerderungen. ***Mir handelen elo!*** Mir wëllen e ***Psycholog*** respektiv en ***Assistant social astellen*** fir d'Kanner an dëse Situatiounen ze encadréieren an d'Léierpersonal ze ënnerstëtzen. D'mental Gesondheet vun de Kanner leit eis um Häerz.

D'Schoulinfrastrukture mussen och mat der Gemengenentwécklung wuessen. Mir hunn dofir an de leschte Joren e Masterplang ausgeschafft fir kënnen ze agéieren aplaz op de Wuesstum mussen ze reagéieren. Fir datt och an Zukunft déi néideg Klasseraim rechtzäiteg zur Verfügung stinn, muss an den nächste Joren mat der ***Planung vun engem weidere Schoulgebai*** um Schoulcampus ungefaange ginn.

Mir wëllen ***eng sécher Schoul***! E ***Sécherheetskonzept*** fir verschidde Scenarien soll zesumme mat allen Acteuren (Police, Schoulpersonal, CGDIS, Gemeng) ausgeschafft ginn, fir datt am Noutfall ka richteg reagéiert ginn.

Hei kann en ***Agent municipal*** hëllefen fir um Schoulwee respektiv virum Schoulcampus fir e méi sécher Schoulwee ze suergen a fir d'Uerdnung um Parking ze garantéieren.



## JUGEND

D'CSV Betzder wëll handelen fir zukünftege Generatiounen eng besser Welt ze hannerloossen. Eis dynamesch ***Jugend*** ass ***e vollwäertege Partner*** fir un dësem Projet matzeschaffen an d'Zukunft vun der Gemeng nohalteg ze gestalten.

"Kee lauschtert op d'Jugend" Dach! Mir maachen dat!

Mir wëllen eng Plattform schafe wou d'Jugend aktiv un der Gestaltung vun der Zukunft ka matschaffen. Heifir schafe mir eng ***Kommissioun*** ***#BETZ4YOURFUTURE*** an där den Alter op 30 Joer begrenzt ass. All zukunftsrelevant Projeten sollen an dëser Kommissioun mat der Jugend diskutéiert ginn an all Initiativen am Gemengerot ofgestëmmt ginn.

Och wëlle mir der Jugend weider d'Chance bidden ***an eiser Gemeng bezuelbare Wunnraum*** ze ***fannen***, dofir ass d'Zil iwwer 20% abordabel Wunnengen ze schafen.

De Multisportterrain zu Rued-Sir um Schoulcampus gëtt an der Fräizäit zemools vill vun der Jugend genotzt. Mir wëllen e weideren ***méi grousse Multisportterrain*** bauen nom Beispill "Nidderaanwen Am Sand".

D'***Jugendhaus*** an onser Gemeng ass a bleift e wichtege Partner. Am Dialog mam Träger an ***#BETZ4YOURFUTURE*** wëlle mir déi bestoend Offer analyséieren an jee no Demande ausbauen.

Der Jugend an onsen dräi ***Jugendclibb*** wëlle mir hire Fräiraum loossen a si bei hiren Aktivitéite weider ënnerstëtzen.



## *SENIOREN*

Ons Senioren sollen als Mënsch an onser Mëtt net vergiess ginn. Mir wëlle si dabäi ënnerstëtzen fir sech weider an der Gesellschaft ze engagéiren an um ëffentleche Liewen deel ze huelen. Sief et als “Supersenior” fir de Kanner bei den Hausaufgaben ze hëllefen, als aktiven Member an de Veräiner oder bei villem méi.

Wichteg ass datt de Mënsch an der Gesellschaft net isoléiert gëtt. Dofir hu mir de Projet “***Lutte contre l’isolement social***” an d’Liewe geruff fir geziilt d’Matbierger virun der sozialer Isolatioun ze schützen.

Vill vun onsen Seniore wëlle méiglechst laang an hirem vertrautem Ëmfeld wunne bleiwen.

Dofir baue mir zu Betzder de ***Projet “intergenerationellt Wunnen”***, deen am Moment nach eemoleg zu Lëtzebuerg ass. Hei entstinn 30 Wunnengen wou Jonk an Al zesummeliewen an een deen aneren ënnerstëtzen.

Domadder net genuch!

Ons Populatioun wiisst, mee gëtt och am Duerchschnëtt ëmmer méi al. D’Gemeng huet knapp iwwer 20 Better an 3 verschiddenen Strukturen an den Nopeschgemengen, mee dat geet nach laang net duer! Ons Senioren sollen an onser Gemeng kënne wunne bleiwen. Mëttelfristeg wëlle mir zesumme mat engem Träger ***Wunnstrukturen fir ons eeler Bierger an onser Gemeng schafen***.

Fir nach besser op ons eeler Matbierger anzegoen, wëlle mir en ***eegenen Service “Senior”*** an der Administratioun ***schafen*** wou geziilt op Servicer zougegraff ka ginn, wéi z.B.:

- Beschäftegungsinitiativen, déi onse Bierger 60+ kleng Aarbechte ronderëm d’Haus ofhuelen
- Repas sur roues
- einfach en oppent Ouer fannen
- bei administrativen Demarchen hëllefen

De ***Betzbus*** soll reegelméisseg fir ons Senioren fueren. De ***Seniorebus*** deen eemol an der Woch an de ***Supermarché*** akafen fiert bleift natierlech erhalen.

Weiderhin ënnerstëtze mir finanziell de ***Club Senior Syrdall*** an de ***Club Senior “An der Loupescht”***.

Och d”***Widdebierger 50+***”, déi am “Iewescht Bowéngs” hiert neit Doheem fonnt hunn, sinn e wäertvolle Partner dee mir weider ënnerstëtzen.



## SOZIALES & INKLUSIOUN

Mir loossen déi Bierger, déi a sozialen, gesondheetlechen, finanziellen a familiäre Schwieregkeete sinn net eleng, gräifen do an wou Nout ass a ***stellen*** dem Office Social ***Wunnengen zur Verfügung fir an Nout gerode Biergerinnen a Bierger*** eng befristen Zäit en encadréierte Wunnraum ze ginn.

De Projet "***Duerftreff beim Lis***" wéi och de Projet "***Dorfkümmerer***" wëlle mir ***weider finanziell droen***. Dës Projeten mat hiren Educateuren sinn eng Beräicherung fir ons Gemeng.

Mir engagéieren eis am Kader vun "***Betzder hëlleft***" weider fir sozial Hëllefswierker, net nëmme national mee och international.

D´Gemeng Betzder huet sech der Flüchtlingsthematik nach ni entzunn. Mir bleiwe weider bereet fir ***"Demandeurs de Protection internationale" opzehuelen***, ***ze begleeden*** a si an onser Gesellschaft ***ze integréieren***. D'***Structure d'accueil zu Betzder*** am ale Paschtoueschhaus ass dofir amgaang ausgebaut ze ginn.

## SÉCHERHEET

An Zesummenaarbecht mat de Pompjeeën ass en ***neie*** funktionell a strategesch richteg positionéierten ***Pompjeesbau*** zu Menster op der Rothoicht entstanen.

Mir gleewen un e Policedéngscht deen no zu de Bierger steet. Obwuel den neie regionale Policebüro leider op Nidderaanwen kënnt, wäerte mir eis dofir asetzen dass eng ***lokal Policepräsenz*** an eiser Gemeng garantéiert ass.

Duerch dat neit Gesetz huet den Agent municipal méi Méiglechkeete kritt. Mir wëllen en éischten ***Agent municipal astellen***, dee bei Noperschaftsproblemer, Verschmotzung vun der Ëmwelt oder wann d'Gemengereglementer net sollten agehale ginn, intervenéiere kann. Hien soll Vandalismus verhënneren an dozou bäidroen datt d'Sécherheet an d'Uerdnung och weiderhin an onser Gemeng erhale bleiwen.

Mir suergen weiderhin duerfir datt d´***Schoulgebai, de Schoulhaff, d´Spillplazen an d'Schoulweeër sécher*** sinn. 100% vun de Foussgängersträife wäerte mir duerch Beliichte méi sécher maachen.

D'***Defibrillatoren*** am ëffentleche Raum an an onse Gebaier hunn an de leschte Joren schonn Liewe gerett. Mir wëllen dofir ***weider Apparater opstellen*** fir datt dës an Noutsituatiounen alle Bierger zur Verfügung stinn. Och an der Schoul wëlle mir ***Defibrillatore speziell fir Kanner installéiren***.



## GESONDHEET

Eis bestoend medezinesch Offer wëlle mir wa méiglech ausbauen. Op regionalem Niveau setze mir ons an datt den Osten vum Land en eegene “Centre médical” kritt.

## VERÄINER STÄERKEN

Et sinn all déi verschidde Veräiner, déi eng zentral Roll an eiser lieweger Gemeng spillen an domat en onverzichtbaren Bäitrag fir dat soziaalt a gesellschaftlecht Zesummeliewe leeschten. Mir sti mat enger geziilter Subsidepolitik eise Veräiner bäi an hëllefen hir Ziler ze erreechen, wéi z.B. deenen déi speziell Aktivitéite mat a fir eis Jugendlecher organiséieren.

Natierlech ënnerstëtze mir weiderhin d’Veräiner a stinn och de Bierger bei der Grënnung vun neie Veräiner zur Säit.

Mir schafen en ***Online-Manifestatiounskalenner*** deen et erlaabt ëffentlech Fester an Aktivitéiten besser ze koordinéieren.

Am Kader vun der Réorganisatioun vun onse Gemengeservicer gouf d’***Ekipp “Évènements et Manifestations”*** geschaf. Dës Ekipp soll an Zukunft de Veräiner fir all Froen an d’Logisitik zur Verfügung stoen an eng ënnerstëtzend Hand ginn bei der Organisatioun vu kulturellen, sportlechen an aneren themateschen Evenementer.

Zanter dem ***neien Offallgesetz*** ass den Eeweeprodui t op de Fester verbueden. Ons Veräiner wëlle mir weider bei dëser Ëmstellung begleeden, andeems mir hinne dat néideg Material zur Verfügung stellen.

De Label “***Green Event***” soll de Standard an onser Gemeng ginn.



## FRÄIZÄIT & SPORT

Déi vill Fräizäitangeboter an eiser Gemeng droen zu enger héijer Liewensqualitéit bäi. Mir ënnerstëtze weiderhin all Form vu lokalem “Breedesport”.

De ***syntetheschen Terrain*** um Stadion “op Biirk” ***muss erneiert ginn*** an duerch en neie modernen Terrain ersat ginn.

Och wëlle mir e ***Bike-Park*** nom Stater Modell bauen a ***Mountainbikeweeër*** aussschëlderen.

***Outdoor-Dëschtennis, Boule-Pisten, Boulder- / Kloterwand, Disc Golf a Parkour*** fir Jugendlecher an Erwuessener sinn nei Infrastrukturen, déi mir wëlle schafen. Och e ***weideren Outdoor Fitness*** nom Beispill ewéi an der Péitruss wëlle mir realiséieren.

Uebst a Geméis aus dem eegene Gaart ass hautdesdaags keng Selbstverständlechkeet méi. Dofir ass den éischte Gemeinschaftsgaart e ganz grousse Succès. Mir wëlle ***weider*** sou ***Gemeinschaftsgäert*** an onsen Dierfer bauen, wou Biergerinnen a Bierger Parzellen lounen kënne fir Uebst a Geméis unzebauen. Och wëlle mir eis ***Kraiderbeeter*** ausbauen.

Den ***Wollefswee fir ons Kanner*** soll zu Ouljen Realitéit ginn. Mat alle Sënner an op eng spilleresch Art a Weis wëlle mir de Kanner erklären wéi de Wollef fréier gesi ginn ass a wéi hien haut a Wierklechkeet ass.

Zäit mat Frënn a Kolleegen verbréngen oder einfach emol relax no der Schoul oder no der Aarbecht entspanen. Dofir wëlle mir ***Wuelfilloasen*** op verschiddene Plaze schafen, wou een z.B. relax e Buch ka liesen. Dobäi sollen ons ***Picknick Plazen*** mat den néidegen Equipementer ausgestatt ginn an der zousätzlech dobäi kommen.



## KULTUR

Eis Veräiner sinn e wichtege Partner fir dat kulturellt Liewen an onser Gemeng. Sief et duerch Concerten, Theater an déi sëllege flott Fester an Evenemter wärend dem ganze Joer, ass de Programm gutt gefëllt a ***mir kënnen*** an onser Gemeng ***houfreg sinn*** op dat ***wat déi vill Benevole an de Veräiner Joer fir Joer leeschten***.

D'CSV seet MERCI!

Et ass dofir eng Selbstverständlechkeet datt mir ***all ons Veräiner weider ënnerstëtzen*** sief et ***duerch Subsiden, Raimlechkeeten*** awer och mat ***materieller an logistescher*** Hëllef fir d'Fester ze organiséieren.

An der leschter Mandatsperiod huet d'CSV sech staark agesat fir de ***kulturelle Programm*** ze ***diversifizéieren*** a weider flott Attraktiounen an der Gemeng unzebidden. Et gëllt net Quantitéit mee Qualitéit. Den "***Open Air Betzfield***" ass e Beispill fir dës Politik.

***5-6 grouss Evenementer*** solle ***pro Joer vun der Gemeng*** organiséiert ginn. Dës fir all Altersgruppen. Zu all deem setze mir ganz staark op ons ***Veräiner, déi de kulturelle Programm completéieren*** a mat hire Manifestatiounen a Fester ons Gemeng beräicheren.

## RELIOUN

Mir wëllen ***e Mateneen vun de Reliounen*** an ënnerstëtzen all Initiativ dozou. D'Gemeng wäert déi reliéis Gebaier an den Dierfer weider ënnerhalen.



# #BETZ4SAVETHEPLANET

## ENG NOHALTEG GEMENG



## ENERGIE, KLIMASCHUTZ & ËMWELT

Et leit un eis all fir de Klimawandel op eisem Planéit ze stoppen. Mir wëllen net braddelen mee ***konsequent handelen***. Et geet konkret ëm eis a besonnesch ëm d'Zukunft vun den nächste Generatiounen.

Als „Klimabündnisgemeng" setze mir op en nohaltegen Ëmgang mat de natierleche Ressourcen. Mir verpflichten eis bei der Energieversuergung zu ökologesche Kriterien. ***Ons Zil*** ass et mëttelfristeg den ***Energieverbrauch an onser ganzer Gemeng konsequent ze reduzéieren an dobäi nohalteg Energiequellen ze färderen***.

D'***Gemeng Betzder soll energieautark ginn***. Zesummen mat de Biergerinnen a Bierger, der Landwirtschaft an de Betriber wëlle mir méi erneierbar Energie an der Gemeng produzéieren wéi all ons Haushalter equivalent verbrauchen.

Mir wëllen eng ***strategesch Etude*** erstellen ***fir weidert Potenzial vun nach net genotzten erneierbaren Energiequellen*** an eiser Gemeng erauszefannen. Dozou gehéieren all Zorten vun notzbaren Energiequellen wéi z.B Sonn, Biogas, Wand, industriell Verloschtwäermt, Wäermt aus dem Klärwaasser, Geothermie asw. Dës Etuden sollen och d'Potenzial vun Nahwärmenetzer bestëmmen, besonnesch fir zukünfteg Lotissementer.

Dës ***Etuden sollen*** oppen, op Fakte baséiert, realistesch an onideologesch ausgefouert ginn. Si solle wa méiglech schonn ***e Masterplang fir d'Prioritéiten no ekologeschen an ekonomesche Kriterien erstellen***.

Mir wëlle weider ***a grouss Solarparken investéieren*** an och de Bierger d'Méiglechkeet ginn am Kader vun ***Energie-Kooperativen*** zesummen un onsem gemeinsamen Zil matzeschaffen.

Nieft de staatleche Subsiden, ***färdere*** mir weider ***verstäerkt privat Notzung vun erneierbaren Energiequellen***, wéi z.B. Sonnekollektoren, Fotovoltaikanlagen, Wärmepompelen asw.. Mir ënnerstëtzen och weider ***finanziell d'energetesch Sanéirung vu Gebaier***.

Mam Bau vun der neier Crèche realiséiert d'Gemeng en éischte Projet fir nohalteg Bauen. Mir wëlle wa méiglech och an Zukunft ***nom Prinzip vun der Zirkular-Wirtschaft bauen***.

Mat engem Elektrobus, enger Elektrocamionnette an dräi 100% Elektrogefierer huet d'Gemeng Betzder den Ufank gemaach fir all hir Gefierer 100% elektresch ze bedreiwen. Den ***Fuerpark soll*** an den nächste Joren ***no an no op elektresch ëmgerüst ginn***.

Ons ***Naturschutzgebidder sollen erweidert ginn***. Heifir wëlle mir och weiderhin Terrainen ronderëm opkafen fir den aktiven Naturschutz, dëst an Zesummenaarbecht mam SIAS.

Zesumme mam SIAS an am Kader vum Naturpakt setze mir ons fir eng ëmweltgerecht Gestaltung vun onse Gréngflächen an den Dierfer an. Mir wëllen d'Objektiver vum Natur- a Klimapakt konsequent weiderféieren an d'Ziler séier erreechen.



## *WAASSER*

D'Gemeng ass verpflicht eng nohalteg Waasserpolitik ze bedreiwen. Mir sensibiliséieren a beroden eis Bierger weider ***fir eng méi effizient a spuersam Drénkwaassernotzung***.

Mir wëllen d'***Installatioun vu Reewaassernotzungsanlagen finanziell ënnerstëtzen***.

D'Waasserzieler ginn an den nächste Joren duerch ***digital Waasserzieler*** ersat. Duerch déi méi prezis Miessung kënnen eventuell Fuitten direkt detektéiert ginn. Och kann de Bierger permanent online säi Waasserverbrauch am A behalen.

Eis Infrastrukturen am Ofwaasserberäich sinn zum ganz groussen Deel erneiert an a guddem Zoustand. Als Gemeng a Member vum Syndikat SIDEST setze mir eis weider an fir den drëtten nationale Bewirtschaftsplang (2021 – 2027) vun der Wasserrahmenrichtlinie 2000/60/EG ze erfëllen.

Eis ***Drénkwaasserschutzzone*** sinn ausgewisen.

Zesumme mam Waasserwirtschaftsamt ***verbessere*** mir ***weider den Zoustand vun eise Gewässer.***



## OFFALL

Offall ass eng ***wichteg Ressource vu Materialien***. Zesumme mat eisem Offallsyndikat “SIGRE” bedeelege mir eis un de wichtegen nationale Changementer an der Offallpolitik. De Recyclingcenter gëtt duerch e Ressourcencenter opgewäert.

De ***Prinzip “Pollueur-Payeur”*** ass agefouert a mir sinn ab Januar 2024 konform mam Offallgesetz.

Domadder net genuch! Mir schaffe weider um ***Zil den Offall op e strikte Minimum ze reduzéiren*** an ënnerstëtzen ons Bierger weider, andeems mir:

- d’***Verwäertung vu Biomass*** aus dem Gréngschnëtt an organeschen Offäll aus de privaten Haushalte ***virundreiwen***
- fir d’Zukunft e ***performante Ressourcencenter*** wëlle ***schafen, deen reegelméisseg op ass***. Mir préiwen op esou eng Struktur och kann an der Gemeng entstoen, z.B. zu Menster op der Rothoicht
- e ***reegelméissege Repair-Café*** aféiren
- de Biergerinnen a Bierger ***Formatiounen a Workshopen ubidden fir den Offall schonns beim Akaf ze minimiséieren***
- den ***Eeweeproduit*** an der Schoul, an der Maison Relais an op der Gemeng am Alldag ze ***verréngeren***
- ***Sensibiliséirungsaktiounen fir “Zero Waste” lancéiren.***

## FLIGERKAMÉIDI

Zanter 2018 ass d’Gemeng Betzder och Member an der ***Flughafekommissioun***. Hei ass déi richteg Plaz, wou mir ons Interêten kënne verteidegen fir onse Bierger d’***Belaaschtung duerch Fligerkaméidi*** ze ***limitéieren***.

Och offréiere mir eise Bierger Ënnerstëtzung fir all hir Rechter auszeüben, déi ënner europäeschen an nationalen Direktiven virgesi ginn, fir hir Haiser virum Fligerkaméidi ze schützen.



# #BETZ4YOURHOME
## WUNNEN AN EISER GEMENG



## LOGEMENT

Iwwerall am Land sinn d'Wunnengspräisser staark an d'Luucht gaangen. 2021-2022 war et national eng Hausse vun 11 %. D'Gemeng Betzder kritt dës Entwécklungen apaart ze spieren. Och wann d'Präisser de Moment stagnéieren, huet eis Jugend et besonnesch schwéier an hirer Heemechtsgemeng no bei Famill a Frënn ze bleiwen.

An dësem schwierege strukturelle Kontext a well mer éierlech zu eiser Jugend stoe wëllen, huet d'Gemeng keen anere Choix ewéi weider méi Wunnraum ze schafen.

D'Opkafen an d'Erschléisse vu Bauland ass een Instrument. Vu manner ewéi 1% abordabel Wunnengen an onser Gemeng hu mir ***an de leschten 6 Joer d'Weiche gestallt fir*** elo haut ***op iwwer 8% Wunnengen ze kommen***. Déi meescht dovunner ***am Bësetz vun der Gemeng***.

Domadder ass awer nach net Schluss.

Als Membergemeng am Pacte Logement 2.0 wëlle mir weider erschwéngleche Wunnraum schafen. Leider ass d'Fro momentan net ob mir wuessen, mee wéi.

D'***Zil ass iwwer 20% abordabel Wunnengen an onser Gemeng ze schafen*** fir datt ons Jugend an Zukunft eng Chance huet an onser Gemeng wunnen ze bleiwen.

Dofir setzt d'CSV Betzder sech an fir ***nei Wunnkonzepter*** an der Gemeng ze lancéieren, ***déi besonnesch jonk Leit aus der Gemeng cibléieren***.

E ***weidert Lotissement*** soll laanscht Nationalstrooss vis-à-vis vum Schoulcampus zu Rued-Sir entstoen, wou d'Gemeng an der leschter Mandatsperiod ca. ***2,5ha Land kaf*** huet. Op dësem Terrain hu mir wëlles neien, abordabele ***Wunnraum*** ze schafen ***speziell fir Leit aus der Gemeng***. De Wunnraum géif vun der Gemeng direkt verkaf oder verlount ginn fir eng bescht méiglech Offer fir d'Awunner vun der Gemeng ze garantéieren.

Och wëlle mir de PAG an d'Bautereglement upassen fir datt z.B. "***Tiny Houses***" och an onser Gemeng méiglech ginn. Duerfir versiche mir déi richteg Terrainen fir esou Projeten ze identifizéieren.




## GEMENGENENTWÉCKLUNG

De Bebauungsplang (PAG) ass eist Instrument fir déi eenzel Beräicher wéi Mobilitéit, Wunnengsbau, Gewerbezonen a Landschaften nohalteg mateneen ze kombinéieren. De ***PAG*** deen zanter 2019 a Kraaft ass, soll ***all 6 Joer*** op de Leescht geholl ginn, fir dësen der Gemengenentwécklung ***unzepassen***. Och sinn ***Upassungen um PAP an um Bautereglement néideg fir de Bierger méi Fräiraum*** bei hire Projeten op hirer Proprietéit ze loossen. Dës wäerte mir bis 2025 iwwerschaffen.



# #BETZ4MOREMOBILITY

## ENG GEMENG A BEWEEGUNG

## *MOBILITÉIT*

Op d'Initiativ vun der Gemeng hu mir mam Mobilitéitskonzept "Vision 2030" d'Weiche gestallt fir eng attraktiv Mobilitéit an eiser Gemeng. Dës Projeten sinn och vun der Regierung am "Plan national de mobilité" PNM2035 verankert ginn.

Elo gëllt et dës Projeten ëmzesetzen.

***Geplangt muss aus der Siicht vum Mënsch ginn*** an net vum Auto. De Mënsch steet am Zentrum vun onsen Iwwerleeungen an der Mobilitéit. Heibäi wëlle mir de ***Bierger mat an d'Diskussiounen abannen*** fir eng Planung "bottom up".

Den Ausbau vun der "***Mobilité active***" dreiwe mir virun, dofir soll de Service Technique ëm eng Tâche fir d'"Mobilité active" erweidert ginn.

***Nei Vëlosweeër*** solle ***lokal wéi och regional*** Verbindunge schafen, zemools fir an d'Stad Lëtzebuerg, Richtung Jonglënster an a Richtung Gréiwemaacher ze fueren.

Weider setze mir eis mat den Nopeschgemengen an fir zesummenhängend Vëlosweeër ze schafen, déi fir jiddereen sécher a kamoud ze befuere sinn.

De ***Réckbau vun der N1 zu Bierg an zu Rued-Sir*** ass ons immens wichteg. D'***Trottoiren*** solle ***méi breet*** ginn an de ***Vëlo seng eege Spuer*** kréien. Zu Rued-Sir mam Rondpoint beim Cactus gëtt eng éischt Phase vun dësem Projet Realitéit.

All ons ***Foussgängersträife*** wéi och all ***Busarrête*** ginn ëmgebaut fir se konform zu dem neie Gesetz fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit ze maachen.

Och soll verstäerkt op d'Elektromobilitéit gesat ginn, andeems mir ons no Nidderaanwen och ***un den "Elektrovelo Sharing System" ("vel'OH!") ubannen***. Esou gëtt et méiglech mam Vëlo an d'Stad oder zeréck ze fueren ouni selwer en Elektrovëlo ze besëtzen.

D'Offer vun den ***Event Busser***, wéi z.B. fir op verschidde Eventer a Baler ze fueren, soll ***verstäerkt ginn***.

Den ***Nightlifebus*** an den ***Nightrider hale mir bäi***.

De ***Betzbus*** bleift erhalen a soll den ***ëffentlechen Transport*** sënnvoll ***ergänzen***.

D'Gerenns an den Dierfer bleift op verschidde Plazen e Problem. ***An all eisen Dierfer soll d'Vitesse gebremst*** an esou d'Sécherheet an onsen Dierfer verbessert ginn.

Mir wëllen do wou méiglech de Stroosseraum nei gestalten fir méi Liewensqualitéit an onsen Dierfer ze hunn.



# #BETZ4ECONOMY

## D'GEMENG, E PARTNER FIR EIS EKONOMIE

## *LOKAL KLENG- & MËTTELBETRIBER*

Kleng- a Mëttelbetriber, deenen hir Marchéen haaptsächlech lokal a regional sinn, schafen Aarbechtsplazen. Duerfir wëlle mir besonnesch dëse Betriber et ***erméiglechen hire Sëtz an d'Gemeng ze bréngen***, respektiv Entrepreneuren d'Méiglechkeet bidden hei hir Dieren op ze maachen a flott, nohalteg an innovativ Projeten ze lancéieren.

Duerch d'***Dezentraliséirung vun eiser Ekonomie*** kënnen d'Bierger méi no bei hirer Aarbechtsplaz wunnen, Transportkäschten an eis CO2-Emissiounen reduzéieren.

## *ZONE ÉCONOMIQUE ARTISANALE*

Am Kontext vun der Dezentraliséirung vun der Ekonomie, wëlle mir ***op der Rothoicht*** (niewend dem Pompjeesgebai) ***eng nei "Zone Économique Artisanale"*** (ZEA) schafen wou Kleng- a Mëttelbetriber Plaz kréie fir hir Aktivitéiten.

Mir encouragéieren all Betriber déi schonn an der Gemeng sinn fir hir Aktivitéiten aus dem Duerfkär an d'ZEA ze verleeën. An deem Sënn kënnen déi Plazen am Duerfkär nei verwäert ginn fir Wunnraum oder verkafs-orientéiert Betriber déi weider Liewen an d'Dierfer erabréngen.

## *START-UPS & INNOVATIOUN*

Synchroniséiert mam nationale Kader, wëlle mir zemools an de Beräicher ***Ecoinnovation, Creative Industries, ICT a Space Aarbechtsplazen an eis Gemeng bréngen.*** An deem Kader sinn d'SES an hir Noperen an der "Zone Audiovisuelle" zu Betzder en exzellent Beispill.



## LANDWIRTSCHAFT

Mir ënnerstëtzen eng ***nohalteg an ëmweltgerecht Landwirtschaft*** a ***stäerken*** d'ëffentlecht Bewosstsinn iwwert ***d'Bedeitung vun der Landwirtschaft als Liwwerant vun héichwäertege Liewensmëttel***.

An Zesummenaarbecht mam SIAS wëlle mir de Projet "Natur genéissen" an onser Gemeng ëmsetzen. E ***lokalen a regionale Reseau*** soll entstoen ***wou d'Produzenten direkt fir de Client*** solle ***produzéieren***. Esou kéint z.B. ons Maison Relais/Crèche hir Produkter zu engem gewëssen Deel direkt a lokal bezéien.

Dobäi setze mir ons an datt der Landwirtschaft genuch Flächen erhale bleiwen.

D'Landwirtschaft soll e wichtege Bäitrag an der Energietransitioun spillen. Zesumme wëlle mir ***préiwe wou Biogasanlage*** sënnvoll ***kënne bedriwwe ginn fir lokal Nahwärmenetzer opzebauen***.

D'Landwirtschaft iwwerhëllt och eng wichteg Funktioun fir eis ***natierlech Ëmwelt*** ze ***erhalen*** wou d'Biodiversitéit ëmmer méi en héije Stellewäert kritt. Dobäi dierfe mer déi wichteg Roll vun der ***Landschaftspfleeg*** net vergiessen.

## TOURISMUS

Als Member am ORT Mislerland (Office regional de tourisme) wëlle mir de ***ländlechen Tourismus an onser Gemeng*** weider ***stäerken***. Mat dem Bed and Bike an der neier Brasserie zu Ouljen, dem Wollefswee an der neier Spillplaz, eise flotte Wanderweeër um Widdebierg, sinn éischt Schrëtter gemaach fir e flotten Dag an der Gemeng ze verbréngen. Mir wëlle ***weider Attraktiounen*** an onser Gemeng ***schafen*** ewéi z.B. e Bike-park an e Parkour zu Menster.

Zudeem setze mir ons an fir ***e regionale "Vëlostour"*** zesumme mat onsen Nopeschgemengen auszeschaffen ***fir*** esou ***ons lokal Restauratioun*** ze ënnerstëtzen.



# #BETZ4YOU

## ZESUMMEN ENG GEMENG, ZESUMMEN DISKUTÉIEREN, ZESUMMEN DECIDÉIEREN



Eng biergerno Politik an eng transparent Aarbecht am Déngscht vun alle Matbierger sinn d´Iwwerzeegung vun der CSV.

## ZESUMMESCHAFFEN AM GEMENGEROT

E fairt Zesummeschaffen am Gemengerot ass fir eis eng Selbstverständlechkeet. Mir setzen ons weider an fir eng ***transparent a politesch konstruktiv Mataarbecht*** am géigesäitege Respekt.

## ËNNERSTËTZUNG VUM GEMENGEROT DUERCH ONOFHÄNGEG KOMMISSIOUNEN

D'Kommissioune hunn d'Aufgab de Gemengerot op eng neutral Manéier ze beroden, ze aviséieren wéi och Virschléi ze maachen. Fir d'***Onofhängegkeet vun de Kommissiounen*** an eng kloer Trennung ze garantéieren, sollen ***d'Memberen vum Gemengerot net gläichzäiteg Member vun de Kommissiounen*** sinn, ausser wann dat gesetzlech virgeschriwwen ass. Och wëlle mir méi verstäerkt op ***zäitlech begrenzte Kommissioune*** bei spezifeschen a punktuelle Projeten zeréckgräifen.

## INFORMATIOUN & MATSPROOCH VUN DE BIERGER

Eng breet Participatioun encouragéiert duerch eng ëmfaassend Informatioun vun de Bierger steigert d'Qualitéit an d'Akzeptanz vun de getraffene politeschen Decisiounen.

Mir definéieren e klore ***participative Prozess fir de Bierger*** beim Ausschaffe vun de Projeten mat an d'Entscheedungsprozesser anzebannen. Och soll den Bierger aktiv bei der Realisatioun vun engem Projet kënne matschaffen an eng Hand kënne mat upaken.

Zemools déi nei digital Medien an e verbesserten Internetsite erméiglechen de Bierger besser an d'Gemengepolitik mat anzebezéien. Den ***Internetsite*** muss dofir onbedéngt ***méi iwwersiichtlech*** gestallt ginn. De Service "Communication" vun der Gemeng muss fir dës Aufgaben verstäerkt ginn.



## ADMINISTRATIV VEREINFACHUNG

Eis Gemengeverwaltung soll e biergerfrëndlechen an zu gläicher Zäit e modernen a schnelle Service ubidden. Si mussen dofir personell a materiell esou ausgestatt sinn datt en effizienten Fonctionnement garantéiert ass. Mir passe weiderhin d'Strukturen deene wuessenden Erausfuerderungen un.

D'Aarbechtszäite vun de Bierger verlaange méi ***flexibel Ëffnungszäite*** vun eiser Gemeng.

Déi digital Transitioun ass ons wichteg fir datt mir den Uschloss un "Smart Cities" net verpassen. Mir wëlle verstäerkt dem Bierger erméiglechen an Zukunft ***administrativ Démarchen online*** kënnen ofzewéckelen. Mir hannerfroen bestoend Prozeduren, passen se den neien Begeebenheeten un an digitaliséiren wann ëmmer méiglech.

Bei all deenen neie Méiglechkeete wëlle mir déi Matbierger awer net vergiessen, déi de Pabeier virzéien. Dofir bidde mir och an Zukunft nach ëmmer e Service um Bierger un fir all Démarchen och weiderhin op Pabeier ofzewéckelen.

D'Demande fir d'***Baugeneemegunge*** musse vill méi séier traitéiert ginn an e méi Bierger-orientéierten a proaktive Service soll ugebuede ginn. Têschent enger kompletter Demande an der offizieller Äntwert vun der Gemeng däerfen ***net méi ewéi 3 Méint*** vergoen. Schwieregkeeten, déi zu engem Refus kéinte féieren, sollen vun Ufank un ugesprach ginn. De Bierger soll keng verspéiten Iwwerraschunge kréien.

## NOHALTEG FINANZEN

D´Finanze bestëmmen den Handlungsspillraum. D´finanziell Mëttel mussen net nëmme responsabel a kontrolléiert, mee méi wéi jee nohalteg agesat ginn. Den Impôt Commercial Communal (ICC) ass däitlech erofgaangen an ass net méi déi Haaptrecette vun der Gemeng.

Trotzdeem bleift der Gemeng e ***gesonden Iwwerschoss am ordinäre Budget***, wat weider Investitioune méiglech mécht. Am Kader vum Pacte Logement 2.0 kommen nieft de staatleche Subventiounen vun 75% och eng eemoleg Recette vun 25.000 Euro pro geschafe Wunnunitéit.

Mir schaffe weider drun de Budget nach méi strukturéiert an transparent opzestellen an och déi ordinär Depensen nach besser ze plangen an d'Käschten ze reduzéieren.

Mir wëlle weider an aller ***Transparenz*** de Budget virstellen an all Bierger driwwer informéiren.

# OFSCHLÉISSEND

Fir déi vill a vilfälteg Erausfuerderunge vum Zesummeliewen ze meeschteren, brauchen d'Bierger vun der Betzder Gemeng eng staark a laangfristeg politesch Visioun. D'Realitéite wéi Klimawandel, Energieversuergung, Logementskris, wirtschaftlech Attraktivitéit, Migratiounsproblematik (fir der nëmmen e puer ze nennen) brauche konkret Projeten an Aktioune mat kloren Ziler.
En ambitiéise Programm, mee néideg!

Zesumme mat Iech wëlle mir dëse Wee goen!

**#BETZ4FUTURE**



LËSCHT
4

MIR SI PRETT! DOFIR

LËSCHT4

| | | |
|---|---|---|
| RIES Marc | | |
| APOLINARIO DA SILVA Alexandre | | |
| BALDATO Jean Marc | | |
| BODEN Claude | | |
| DULIEU Aurore | | |
| JANIN Diane épouse Welter | | |
| KREMER RIPPINGER Liette | | |
| KRIDEL Guy | | |
| SCHMIT WEIGEL Sylvette | | |
| SIGURDSSON Olafur | | |
| ZOVILÉ Lynn | | |




FROEN? SCHREIWT EIS!

betzder@csv.lu

# MÉI NO.
# MÉI BETZDER.



Marc RIES



Alexandre APOLINARIO



Jean-Marc BALDATO



Claude BODEN



Aurore DULIEU



Diane JANIN



Liette KREMER-RIPPINGER



Guy KRIDEL



Sylvette SCHMIT-WEIGEL



Olafur SIGURDSSON



Lynn ZOVILÉ

# EIS EKIPP FIR D'GEMENGEWALEN 2023

***MARC RIES, Spëtzekandidat***
Betzder, 44 Joer, bestuet, 3 Kanner
Ingenieur bei der Ponts et Chaussées
1. Schäffen
Finanz-, Klima- an Naturschäffen
Vizepresident CSV Betzder

***ALEX APOLINARIO***
Rued-Sir, 22 Joer
Agent immobilier
Fussball's Trainer FC Syra Menster

***JEAN-MARC BALDATO***
Bierg, 53 Joer, bestuet, 1 Kand
Pilot bei der Luxair
President Bautekommissioun
Personaldelegéierten Luxairgroup

***CLAUDE BODEN***
Rued-Sir, 49 Joer, bestuet, 4 Kanner
Ingenieur bei der Post
Comité Tennis Club Rued-Sir
Comité Härenekipp FC Syra Menster

***AURORE DULIEU***
Menster, 46 Joer, liéiert, Mamm vu 5 Kanner
Indépendante
Kommissioun Services aux citoyens
Comité Eltrevereenegung

***DIANE JANIN***
Rued-Sir, 41 Joer, bestuet, 2 Kanner
Assistante sociale
Trésorière Jugendhaus Betzder

***LIETTE KREMER-RIPPINGER***
Menster, 66 Joer, Wittfra, 2 Kanner
Pensionéiert Infirmière-anesthésiste
Presidentin Kommissioun fir sozial Froen an den 3. Alter
Sportskommissioun
Comité Widdebierger 50+
Senioresécherheetsberoderin

***GUY KRIDEL***
Rued-Sir, 61 Joer, bestuet, 2 Kanner
Pensionéierte Chef vun der Police zu Rued-Sir

***SYLVETTE SCHMIT-WEIGEL***
Banzelt, 77 Joer, Wittfra, 2 Kanner
Fréier Proprietärin Restaurant-Friture Joslet
2. Schäffen
Sozial- an Drëttenalterschäffen
Sozialkommissioun

***OLAFUR SIGURDSSON***
Ouljen, 54 Joer, bestuet, 2 Kanner
Manager an enger Softwarefirma
Gemengeconseiller
President Ëmweltkommissioun
Bautekommissioun
Tresorier CSV Betzder

***LYNN ZOVILÉ***
Rued-Sir, 33 Joer, liéiert
Éducatrice diplômée
Presidentin CSV Betzder
Vizepresidentin Jugendhaus Betzder
Sozialkommissioun
Ëmweltkommissioun
CSV Nationalcomité
Vizepresidentin CSV Osten

# DONE !
# BILAN 2017-2023














AL MiLLEN







## KOMMT AN DISKUTÉIERT MAT EIS OP

# EISE WALVERSAMMLUNGEN!

**5. JUNI**
Bierg an der aler Schoul **um 20h**

**6. JUNI**
Betzder an der aler Scheier **um 20h**

**7. JUNI**
Ouljen op der Millen **um 20h**

**8. JUNI**
Menster Centre Culturel **um 20h**

**9. JUNI**
Rued-Sir am Syrkus **um 20h**



WEB

FACEBOOK

betzder.csv.lu

CSV Betzder